PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 FEV. 2020
1821

Lëtzebuerg, den 03/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

E Gebai, wat ënnert nationalem Denkmalschutz steet, kann - konform zum ofgeännerte Gesetz vum 18. Juli 1983 betreffend der Conservatioun an der Protektioun vun historesche Sitten - am Fall vun enger Restauratioun an de Genoss vu finanziellen staatlechen Aide kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Subsiden sinn an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt pro Joer, fir d'Restauratioun vun historesche Gebaier vum Services des Sites et Monuments Nationaux (SSMN) verdeelt ginn?

2. Wéi verdeele sech dës Aiden opgeschlësselt no Gebaier ënnert nationalem Denkmalschutz, lokalem Schutz an deenen déi ënnert enger anerer Form eligibel fir Aiden sinn?

3. Wat ass d'Maximalsomm, déi fir e Projet ausbezuelt gouf?

4. Wat sinn d'Kritären fir d'Konformitéit mat de Standarden vum Denkmalschutz?

5. Wat geschitt, wann Aarbechten net no deene Critèren ausgefouert goufen? Wien iwwerpréift a wien iwwerwaacht dat?

6. Ginn et Oplagen, wat de Verkaf vu Gebaier, deenen hier Renovatioun/Restauratioun subsidéiert gouf, ugeet? Muss de Subside do zréckbezuelt ginn oder en Deel vun der Plus-value un de Staat zréckgefouert ginn. Wann net, gedenkt d'Regierung dat ze änneren, fir d'Spekulatioun op historescher Bausubstanz ze ënnerbannen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 04 MARS 2020

Réf. : 830xdb110

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 MARS 2020

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 1821 du 4 février 2020 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1821 du 4 février 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet des subsides de la part du Service des sites et monuments nationaux, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 1821

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 1821 vum 4. Februar 2020 vum Här Deputéierte Sven Clement

Am Tableau an der Annexe I, bieden ech den honorabelen Deputéierten déi Subsiden ze fannen, déi de Service des sites et monuments nationaux (SSMN) tëschent 2010 an 2019 fir déi verschidde Kategorie vu geschützte Gebaier ausbezuelt huet.

D'Maximalzomm, déi fir e Projet ausbezuelt gouf läit bei 1.320.081.-EUR. Et handelt sech heibäi em d'Schlass vu Meesebuerg.

Et kënne just Subventiounen accordéiert ginn, fir Aarbechten déi déi historesch Bausubstanz erhalen, respektiv hiren Originalzoustand restauréieren, esou wéi z.B. Aarbechten un der Fassad oder dem Daach, d'Restauratioun vun Dieren oder Aarbechte bannen am Gebai.

D'Aarbechte gi begleet an iwwerpréift vum SSMN. D'Subventioun gëtt just dann ausbezuelt, wann d'Aarbechten esou ausgeféiert goufen, wéi se am Virfeld mam SSMN ofgemaach goufen.

Et ginn aktuell kéng Oplagen am Fall vun engem Verkaf. Den Artikel 59 vum projet de loi relative au patrimoine culturel gesäit fir, datt eng Subventioun da revoquéiert an un de Staat restituéiert ka ginn, wann de Proprietär e klasséierte Bien mat enger Plus-value verkeeft.

Annexe I

Subventions pour restauration d'immeubles - Montants payés entre 2010 et 2019 par le Service des Sites et Monuments Nationaux

	Immeubles classés monument national	Immeubles inscrits à l'inventaire supplémentaire	Immeubles bénéficiant d'une protection communale	Immeubles dont la construction est achevée > 60 ans	Total des immeubles ayant bénéficié d'une subvention	Montant total alloué en subventions
Base légale	RGD du 21/07/2009 RGD du 19/12/2014	RGD du 21/07/2009 RGD du 19/12/2014	RGD du 19/12/2014	RGD du 21/07/2009		
2010	26	12		272	310	1 648 104€
2011	16	5		156	177	1 953 000€
2012	38	22		195	255	2 241 826€
2013	39	17		190	246	1 689 124€
2014	52	8		182	242	2 864 646€
2015	61	49	5	211	326	3 229 003€
2016	44	47	20	121	232	3 669 612€
2017	64	58	39	61	222	4 372 083€
2018	55	83	75		213	3 863 490€
2019	71	69	115		255	3 954 218€
Total	466	370	254	1388	2478	29 485 106€